



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère des Affaires étrangères  
et européennes

Direction de la Défense

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Défense, de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure et de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics à la question parlementaire n° 5142 du 22 octobre 2021 de l'honorable Député Fernand Kartheiser au sujet de « Autorisations des hélicoptères de la Police grand-ducale »**

Zur Fro 1:

De Kaf vun zwee H-145M Helikoptere gouf am Regierungsrot vum 19. Januar 2018 approvéiert. De Kafvertrag ass den 19. Juli 2018 am Optrag vun der Direction de la Défense vun der NATO Support and Procurement Agency (NSPA) ënnerschriww ginn. Di zwee H-145M Helikoptere sinn iwwert de Fonds d'équipement militaire (FEM) financéiert ginn.

Zur Fro 2:

Jo, d'Fongen di an d'Acquisitioun vun deenen zwee H-145M Helikopteren investéiert gi sinn, goufe vun der NATO als Verdedegungsausgaben ugerechent.

Zur Fro 3:

D'Decisioun vum Regierungsrot vum 19. Januar 2018 zum Kaf vun den zwee Helikopter huet och d'Ausschaffe vum legale Kader fir d'Schafe vun enger militärescher Aviatiounsautoritéit beinhalt. Dofir huet Direction de la Défense sech, parallel zu der Aquisitiounsprozedur vun den Helikopteren, direkt em d'Elaboratioun vun engem legale Kader fir militäresch a staatlech Aviatioun bekëmmert. Ab Ufank 2018 goufen Experte rekrutéiert, Konzepter diskutéiert a mat allen concernéierten nationalen an internationalen Acteuren a Verwaltungen ofgeschwat. Doropshin huet Direction de l'aviation civile (DAC) en "Département de l'aviation étatique", dee mat der Supervisioun an der Reglementatioun vun de militäreschen a staatlechen Aviatiounsaktivitéite beoptraagt soll ginn, an d'Weeër geleet an an Zesummenaarbecht mat der Direction de la Défense am Oktober 2020 en deementspriecheden Avant-projet de loi op den Instanzewee ginn. No dem Avis vum Staatsrot am Juni 2021 ass de Projet de loi 7680 zur Zäit an der Amendementsprozedur.

Dat groussherzoglecht Reglement fir d'Police-spezifesch Detailler ze reegele gëtt aktuell préparéiert a wäert baséierend op dem Gesetz vun der staatlecher Aviatioun geholl ginn.

Zur Fro 4:

Den A400M an den MRTT si bei eisem belsche respektiv hollännesche Partner immatrikuléiert a fléien dohier ënnert deenen hirem militäresche gesetzleche Kader. Déi zwee H145-M Helikoptere sinn zu Lëtzebuerg immatrikuléiert a fale wéi sämtlech national staatlech Aviatiounsaktivitéiten (y compris vun der Arméi an der Police) aktuell ënnert Reglementatioun vun der ziviller Aviatioun, sou wei se vun der internationaler ziviller Aviatiounskonventioun (ICAO, International Civil Aviation Organisation) an der Europäescher Kommissioun (EASA, European Aviation Safety Agency) virginn ass, a sech an der *Loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne* an an de Bestëmmungen zu hirer Ausféierung erëmgespigelt. Déi Reegele gëllen iwwergräifend fir Arméi a Police.

Lëtzebuerg, den 22. November 2021

(s.) François Bausch  
Verdeedegungsminister